



Äntwert vum Minister fir Energie an der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, op d'parlamentaresch Fro n° 6515 vum 20. Juli 2022 vun den honorabelen Deputéierte Max Hahn a Claude Lamberty iwwert Petit éolien

- Ass d'Regierung au courant vun dëse Wandturbinnen?

De Sujet vu klengen Wandanlagen ass de betraffene Ministère bekannt, an an der Vergaangenheet goufen och schonns Entwéckler vu sou Mini-Wandanlagen ënnerstëtzt. Och si vereenzelt sou Anlagen hei am Land opgeriicht ginn. Wat de spezifesche Fall vu *Vortex Bladeless* ugeet, sou leien dem Minister zoustänneg fir Energie keng präzis Demarchen oder Informatiounen vir.

- Ginn et Iwwerleeungen, ënner gewëssen Ëmstänn d'Installatioun vun esou Wandturbinnen mat méi niddereger Leeschtung z.B. doheem um Daach oder am Gaart ze erlaben? Wa jo, wat wieren d'Konditiounen?

Wann een esou eng Anlag wëll opriichten, gëtt et jee no Anlag an no Plaz wou se soll opgeriicht ginn, verschidden Obligatiounen, wéi z.B.

- eng Baugeneemegung,
- eng Geneemegung opgrond vum Naturschutzgesetz beim Opriichten innerhalb vun enger Gréngzone,
- eng Geneemegung opgrond vum Kommodosgesetz (nëmme Wandturbinnen/Wandanlage mat iwwert 100 kVA, wat dann 80 kW installéierter Leeschtung géing entsprechen, brauchen eng Kommodosgeneemegung, fir méi kleng Anlag gesäit d'Kommodosgesetz keng Obligatiounen vir).

Onofhängeg vun deenen Obligatiounen ass et och wichtig, bei esou Anlagen op d'Schallemissiounen (dB Wäerter) opzepasst, genee sou wéi op déi technesch Uschlossbedingung vum Netzbedreiwer.

- Ass d'Regierung bereet, esou Wandturbinnen, änlech ewéi PV-Anlagen, ze subventionéieren? Wann net, firwat net?"

Fir d'Wandkraaft ginn et 2 finanziell Ureizer déi och fir kleng Wandanlage gëllen:

- engersäits eng Hëllef op der Investitioun fir Betriber (déi beim Wirtschaftsministère ugefrot ka ginn) iwwert den Artikel 9 vum Staatshëllefgesetz vum 15. Dezember 2017;
- an anerersäits den Aspeisetarif (vum Energieministère) deen am Reglement iwwert d'Produktioun vu Strom op Basis vun erneierbaren Energie virgesinn ass.

Et ass och ervir ze hiewen, datt grouss Wandturbinnen däitlech méi Strom produzéieren, wéi des kleng an d'Regierung dowéinst virun allem op den Ausbau vun dëse setzt.

Lëtzebuerg, den 19. August 2022
(s.) Claude Turmes
De Ministère de l'Énergie